Madamm Teresa MONTEIRO
Gemengeconseiller

30, route de Longwy

L-4750 PETANGE

Referenz : 2026.70275.SECR                                        Péiteng, de 4. Mäerz 2026

**Betreff: Är Froe vum 4. Februar 2026**
(Den Dossier gëtt beaarbecht vum Nancy HERMANN - Tel. : 50 12 51 – 2055)

Madamm Teresa Monteiro,

An Ärem Bréif vum 30. Januar 2026, deen Dir der Verwaltung per Email den 4. Februar geschéckt hutt, stellt Dir dem Schäfferot folgend Froen :

*Här Buergermeeschter, wäert Membere vum Schäfferot,*

*Den 30. Januar 2026 ass en anonyme Post op Facebook veröffentlecht ginn, dee vill Froen opgeworf huet. Et goung ëm de Fonctionnement vun der Maison relais « Dachse vun der Bich » zu Rodange. Dëse Post gouf och vun der zoustänneger Schäffin, Madamm Maria Agostino, kommentéiert, a mir begréissen hir professionell a séier Reaktioun.*

*An deem Zesummenhang, an op Basis vum Artikel 25 vum Gemengegesetz, wéilt ech lech folgend Froe stellen:*

*1. Wéi a wéi oft ginn d'Maisons relais an der Gemeng Péiteng op hire gudde Fonctionnement kontrolléiert?*

*2. Wéi eng lnstanze sinn dofir zoustänneg, a ginn et schrëftlech Rapporten iwwer dës Kontrollen?*

*3. Gëtt de Projet d'établissement den Elteren automatesch zur Verfügung gestallt, a wa jo, a wéi enger Form (digital, gedréckt, lnfo-Owender , etc.)?*

*4. Gëtt et reegelméisseg Evaluatiounen oder Ëmfroe bei den Elteren a Kanner, a wéi ginn d'Resultater genotzt? Kann de Schäfferot eis di Resultater (Statistiken) matdeelen?*

*5. Wann Reklamatiounen existéieren, sollen Elteren enger bestëmmter Prozedur nokommen. geschitt awer, wann de Problem bei engem Responsablen oder der Direktioun läit ?*

*6. Huet d'Gemeng Péiteng e Whistleblower-System oder en anere séchere Meldekanal agefouert, fir datt Eltere keng Répressalië fäerte mussen, wann si Mëssstänn mellen?*

*7. Wéi gëtt de Schutz vum Personal garantéiert, wann e Mataarbechter oder eng Mataarbechterin e Problem oder Mëssstänn melle wëll? Wéi gesäit do déi konkret Prozedur aus?*

*8. Gëtt d'Personal reegelméisseg iwwer hir Rechter a Meldeweeër intorméiert oder forméiert?*

*9. Ginn d'Elteren an d'Personal aktiv iwwert dës Prozeduren a Schutzmechanismen informéiert? Ass Neutralitéit gesechert ?*

*10. A Schlussendlech, kann de Gemengerot Statistike liwweren, iwwert Reklamatiounen di an de verschidde Maisons relais vun der Gemeng Péiteng zënter 2020 era komm sinn, pro Sujet?*

*Mat Respekt*
*Teresa Monteiro*
*Gemengeconseiller*

Hei dem Schäfferot seng Äntwert op Är Froen :

Betreffend Är Froen 1. an 2. :
D'Kontroll vun eise Maison Relaise geschitt op verschidden Niveauen, fir d' Qualitéit an eng konsequent Ëmsetzung vun eiser Pädagogik an de Strukturen ze garantéieren.

Extern Kontroll :
De Ministère de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse ass verantwortlech fir d'Reglementatiounskontrolle vun eise Maison Relaisen. Dëst geschitt haaptsächlech duerch reegelméisseg Visite vun hirem Conseiller de Qualité (ancien Agent régional). Wärend dëse Visite ginn net nëmmen d'Raimlechkeeten an d'pädagogesch Prozesser kontrolléiert, mä och länger Gespréicher mat de Preposéen an den Adjointe vun de Maison Relaisen organiséiert fir Feedback, Evaluatioun a Verbesserungsméiglechkeeten ze bespriechen.

Intern Kontroll :
Zousätzlech zu der externer Evaluatioun gëtt eng kontinuéierlech intern Qualitéitskontroll duerch eisen eegene Service Maison Relais duerchgefouert. Dësen ass verantwortlech fir d'Qualitéitssécherung an d'Inklusioun an all Maison Relais. Eng administrativ a pädagogesch Leedung vum Personal ass implementéiert. Reegelméisseg Teamversammlunge gi mat de Preposéen organiséiert, fir pädagogesch Themen, administrativ Organisatiounen a Praxis-Erfarungen auszetauschen an ze coordinéieren. Versammlunge mat den RPI (référant pédagogique d'inclusion) ginn organiséiert, déi als Multiplicateur an hirer Struktur déngen, fir kontinuéierlech Verbesserungen am Encadrement vun de Kanner ze garantéieren.

Duerch dës kombinéiert extern an intern Kontroll, gëtt d'Qualitéit, d'Konformitéit an d' Inklusioun an eise Maison Relaisen optimiséiert. Berichter ginn a béide Fäll geschriwwe fir de Suivi ze garantéieren.

3. Ënnert dem „Projet d'établissement" versti Dir wuel d'Concept d'action général (CAG). Dëst Dokument gëtt all dräi Joer iwwerschafft a no enger Evaluatioun vum Ministère de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse approuvéiert. Bei der éischter Informatiounsversammlung ginn den Elteren déi wichtegst Pilieren an d'Methodik vum CAG virgestallt. Op Ufro gëtt den Elteren de CAG och zur Verfügung gestalt, woubäi eng digital Versioun virgezu gëtt.

4. Am Sënn vun der Qualitéit huet de Schäfferot decidéiert eng Ëmfro bei den Elteren ze maachen.

5. Sollt e Problem net um Niveau vum Preposé, respektiv vum Service Maison Relais geléist kënne ginn, läit d' Responsabilitéit bei der zoustänneger Ressortschäffin, respektiv beim Schäfferot.

6. Mir verweisen op eis Äntwert vum 4. Määerz 2026 mat der Referenz : 2026.70267.SECR.

7. Mir verweisen op eis Äntwert vum 4. Määerz 2026 mat der Referenz : 2026.70267.SECR.

8. D' Gemeng Péiteng verfüügt iwwer e kloer definéierten a strukturéierte Règlement d'ordre interne, dat un all d' Salariéë verdeelt gëtt. Zousätzlech ass eng Personaldelegatioun en place. Mir verweisen ebenfalls op eis Äntwert vum 4. Mäerz 2026 mat der Referenz : 2026.70267.SECR.

9. Mir verweisen op eis Äntwert vum 4. Mäerz 2026 mat der Referenz : 2026.70267.SECR.

10. E wichtege Sujet, dee villen Elteren um Häerz läit, ass déi aktuell begrenzte Méiglechkeet, eng Plaz fir hiert Kand an enger Maison Relais ze kréien. Am betraffene Zäitraum si ronn 28 Reklamatiounen agereecht ginn. Wéi bekannt, wäert dës Contrainte fir vill Elteren nach an dësem Joer entfalen.

Zousätzlech goufen am Ganzen aacht Reklamatioune vun Elteren enregistréiert, déi hir Plaz an der Maison Relais verluer hu well d'Famill d'Konditiounen net méi erfëllt huet fir d'Plaz ze behalen. Véier weider Reklamatioune betreffen Avertissementer, déi un Eltere gaang sinn, well d'Elteren d'Prozedur vum Règlement d'ordre interne net agehalen hunn.

Mat frëndleche Gréiss,

De Gemengesekretär,

De Buergermeeschter,

Adresse postale: ADMINISTRATION COMMUNALE DE PÉTANGE
b.p. 1 · L-4701 Pétange
ouvert du lundi au vendredi de 8.30 à 11.30 et de 13.30 à 16.30 heures
mercredi nocturne jusqu'à 18.30 heures
Téléphone: 50 12 51-1000
Adresse e-mail: commune@petange.lu
Site Internet: www.petange.lu
N° TVA: LU 102 90 925
N° fiscal: 00005132118